N°453
Entrée le 29.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n°453 vum 11. Mäerz 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend der "Gestion locative sociale (GLS)".**

**1. Firwat ginn aktuell esou vill Locatairen aus de Wunnengen am Kader vun der GLS erausgeheit?**

Dëst läit an der Responsabilitéit vum Gestionnaire a mir kréien och keng allgemeng Informatiounen doriwwer. Op Nofro hin, sinn ons zwee Fäll genannt ginn. Des Resiliatioun vun hirem "contrat de mise à dispositioun" ass an deenen 2 Fäll doduerch geschitt well de Bewunner entweder iwwert e laangen Zäitraum säi Loyer net bezuelt huet oder awer refuséiert mam sengem konventionéiere GLS Partner ze kooperéieren.

**2. Firwat kënnt et aktuell zu méi Fäll ?**

De Ministère huet keng Informatiounen driwwer, dass et aktuell méi Fäll géife ginn.

**3. Wat mécht de Staat zesumme mat senge GLS-Partner, fir dass déi Leit ne top der Strooss landen?**

Eis konventionéiert GLS Partner pfleegen an der Reegel en enke Kontakt mat hire Bewunner. Esou versichen eis konventionéiert GLS Partner hire Bewunner a schwieregen Zäiten ze hëllefen a probéieren all Wee fir laanscht eng Resiliatioun ze kommen. Dës enk Zesummenaarbecht tëschent dem Bewunner an de konventionéierte Partner ass e wichtegt Element an der GLS mam Zil fir kennen eng Stabilitéit an hir Wunnsituatioun ze kréien.

Lëtzebuerg, den 28/03/2024.
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch